LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 14 JAN. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
15 JAN. 2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Ministre des Cultes, Monsieur le Ministre de la Santé, Madame la Ministre de la Justice, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°1593 de l'honorable Député Marc GOERGEN au sujet des dérives sectaires.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1593 du 10 décembre 2019 de Monsieur Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Xavier BETTEL
Ministre des Cultes

**Réponse commune de Monsieur le Ministre des Cultes, Monsieur le Ministre de la Santé, Madame la Ministre de la Justice, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°1593 de l'honorable Député Marc GOERGEN**

**Fro n°1-3:**

Am Kader vun den Aarbechten vum Europarot, an virun allem an der Recommandatioun 1412 (1999) iwwert déi illegal Aktivitéiten vun de Sekten gëtt ënnerstrach, datt déi normal Prozeduren vum Zivil- a Strofrecht benotzt sollte ginn fir géint all illegal Praktiken vu Gruppen mat reliéisen, esotereschen oder spirituellem Charakter virzegoen.

Déi selwecht Recommandatioun gesäit effektiv och vir, *"si nécessaire"*, datt national oder regional Informatiounszenteren iwwert d'Gruppen mat reliéisen, esotereschen oder spirituellem Charakter kënne virgesi ginn.

Zu Lëtzebuerg, gëtt et awer keen direkte Besoin fir esou en Zentrum, respektiv Observatoire anzeriichten dee spezifesch Donnéeën vu Gruppe mat reliéisen, esotereschen oder spirituellem Charakter géing sammelen a verschaffen. D'Informatiounen a Recherchen déi op europäeschem Niveau zu dem Thema gesammelt a gefouert goufen, ginn aktuell duer fir den Informatiounsbedarf zu Lëtzebuerg iwwert dës Phenomener ze couvréieren.

Vill méi, an och an der spezifescher Problematik vun de *"Konversiounstherapien"*, ginn d'Moyenë konzentréiert fir déi aktuell staatlech konventionéiert Berodungsplazen wéi zum Beispill d'*Cigale*, de *Kanner- a Jugendtelefon*, oder och d'Initiative *BeeSecure* bei Aktiounen an den Domainen ze ënnerstëtzen, an deenen zu Lëtzebuerg och méi konkrete Besoin ass.

**Fro n°4:**

Am Kader vum éischte nationalen LGBTI Aktiounsplang huet d'Regierung am Juli 2018 ee Comité gegrënnt, deen d'Ëmsetzung vum Plang begleet a nei Ziler an Aktioune ka proposéieren. Dëse Comité wäert sech a senger nächster Sëtzung mat der Fro vun de "Konversiounstherapien" beschäftegen. .

Am Kader vu sengem Mandat vum Mënscherechtsrot vun de Vereente Natiounen hat den onofhängegen Expert fir de Schutz viru Gewalt an Diskriminatiounen opgrond vun der sexueller Orientéierung an der Genderidentitéit, Victor Madrigal-Borloz, den 21. November 2019 en Opruff gemaach fir Froen zum Thema "Konversiounstherapien" ze beäntweren. De Comité LGBTI huet heizou eng Äntwert koordinéiert déi an der nächster Sëtzung beschwat gëtt.

Sollt sech am Kader vun der Analyse erausstellen datt och zu Lëtzebuerg e méi direkten Handlungsbedarf géing bestoen, géingen entspriechend Mesuren definéiert an ëmgesat ginn.

**Fro n°5:**

Wéi schonn an der parlamentarescher Fro n°1270 ervirgehuewen, gesäit den Artikel 19 vun onser Verfaassung vir datt « *la liberté des cultes, celle de leur exercice public, ainsi que la liberté de manifester ses opinions religieuses, sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'usage de ces libertés* ».

Dëst ass och e Grondrecht dat an onser Verfassung verankert ass, an encadréiert dem Staat seng Interventiounsmarge an de Reliounsfroen.

Et ass also virun allem dem Parquet seng Aufgab fir eventuell Poursuiten ze entaméieren, respektiv de Geriichter fir ofzeweien ob, an engem spezifesche Fall, d'Reliounsfräiheet kann ageschränkt ginn, well se en anert Grondrecht violéiert oder well d'Reliounsfräiheet mëssbraucht gëtt fir eng Strofdot ze begoen.

**Fro n°6:**

D'*Loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin vétérinaire* definéiert a sengem Artikel 7 d'Konditiounen déi en illegalen Exercice vun der Medizin duerstellen an ënnert d'Stroofgesetz falen.

Op Basis vun dëse Bestëmmungen ass esouwuel d'Diagnose ewéi och d'Behandlung vu Krankheeten just zoulässeg wa se vum Dokter realiséiert ginn.

**Fro n°7:**

Wéi schonn an der parlamentarescher Fro n°1073 beäntwert, huet d'Regierung keng Kenntnis datt esou "Konversiounstherapien" zu Lëtzebuerg ugebueden oder duerchgefouert ginn, respektiv datt Leit déi zu Lëtzebuerg liewen, hir Kanner a Konversiounstherapien an d'Ausland schécken, respektiv sech selwer am Ausland behandele loossen.

Och wa "Konversiounstherapien" am Moment net als solch zu Lëtzebuerg verbuede sinn, si souwuel Diskriminatiounen wéi och den Opruff zum Haass opgrond vun der sexueller Orientéierung an der Genderidentitéit verbueden.

Géing et awer am Kader vun esou enger "Konversiounstherapie" eng Strofdot begaange ginn, géing dat am Kader vun den übleche Prozeduren am Strofrecht behandelt ginn, sollten mannerjäreg Kanner oder Jugendlecher concernéiert sinn, géing sech den *Service central d'assistance sociale*, e Service vun der Justice, am Kader vu senge ordinären Prozeduren dorëms bekëmmeren.

Doriwwer eraus goufen déi lescht Joren eng ganz Rei Mesuren geholl.

Am nationalen LGBTI Aktiounsplang huet d'Regierung sech zum Ziel gesat fir am Gesondheetsberäich de Prinzip vun der Depathologiséierung an d'Recht op Selbstbestëmmung vun den transgeschlechtleche Mënschen ze respektéieren, genau sou wéi d'Recht op kierperlech Integritéit an

op Selbstbestëmmung an de Prinzip vun der fräiwëlleger an informéierter Awëllegung vun den intergeschlechtleche Mënschen.

Zënter der *loi du 10 août 2018 permettant de modifier le sexe et le ou les prénoms à l'état civil* ass et fir transgeschlechtlech an intergeschlechtlech Mënschen méiglech hiert Geschlecht an hire Virnumm oder hir Virnimm um État civil duerch eng administrativ Prozedur ze änneren. Si mussen elo keng therapeutesch Behandlung oder Operatioun méi noweisen.

De Ministère fir Famill, Integratioun a Groussregioun huet am Oktober 2018 eng Sensibiliséirungscampagne zum Thema Intergeschlechtlechkeet gemaach mat enger Internetsäit (www.intersex.lu), Affichen an engem Dépliant fir d'Eltere vun engem intergeschlechtleche Kand.

Am Kader vum nationale Programm "Promotion de la santé affective et sexuelle" gouf 2019 en zweeten Aktiounsplang lancéiert deen sech ënnert anerem op d'sexuell Rechter baséiert wéi d'Weltgesondheetsorganisatioun si definéiert. Am Kader vun dësem Programm gouf de Nationale Referenzzenter fir d'Fërderung vun der affektiver a sexueller Gesondheet (Cesas) gegrënnt, deen ënnert anerem eng Charta entwéckelt huet mat där sech d'Signatairen engagéieren fir de Respekt vun der sexueller Vilfalt, der Variatioun vun de Geschlechtsmerkmaler an der Pluralitéit vun de Genre ze förderen.

Aktuell gëtt och an onse Nopeschlänner iwwert dëst Thema diskutéiert. Et gëtt och festgestallt datt e generelle Verbuet vun esou "Konversiounstherapien", zum Beispill duerch strofrechtlech Mesuren, net esou einfach ëmzesetzen wier, an dat gewënschte Resultat, en Enn vun esou Therapien, géing bréngen. Et gëtt also virun allem iwwerluecht fir dat aktuellt repressiivt Arsenal an esou Fäll, well se jo am Endeffekt ëmmer un d'Intégritéit vun enger Persoun ginn, besser an méi gezielt anzesetzen.

**Fro n°8:**

D'Thema "Sekten" gëtt op 4[e] am Fach "Vie et société" explizit behandelt; dobäi ginn d'Schüler och op d'Geforen higewisen, déi vu Sekte kënnen ausgoen. D'Fach Vie et Société soll awer als Ganzt dozou bäidroen, dass d'Schülerinnen a Schüler léieren, autonom a kompetent sech hir eege Meenungen zu deene grousse Liewensfroen ze bilden. Och an anere Fächer wéi de Sproochen oder der Philosophie kann dësen Themeberäich zur Sprooch kommen.